ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 9. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass ons zougedroe ginn, datt an de Poliklinike ganz dacks d'Waardezäiten immens laang sinn, esou schwätzen eenzel Patiente vun iwwer 6 Stonnen a méi Waardezäit. An eenzele Klinike steet zu deem nëmmen een allgemengen Dokter zur Verfügung fir all dës Patienten ze betreien. Weider dierfen sech an enger Klinik d'Chirurgen net un dësem Service bedeelegen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Gesondheetsminister:

1.) Wéi ass an deenen eenzele Kliniken de Service vun der Poliklinik organiséiert?

2.) Firwat ginn d'Chirurgen net un dësem Service bedeelegt?

3.) Misst dëse Service net am Interessi vun de kranke Leit verbessert ginn a wéi sinn hei dem Här Minister seng Alternativen oder Virschléi?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten